1-2019-O-M-5724-01 (n°3139)

PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Dépot: Sven Clement

Lëtzebuerg, den 12/02/2020

Heure d'actualité au sujet de la violation des droits de l'homme dans le Proche et Moyen-Orient

1

# Motioun

**Deputéiertechamber,**

- Virum Hannergrond vum internationale Pakt iwwert droits civils a politiques an der UN-Mënscherechtskonventioun;
- op Basis vum leschte Rapport vun Amnesty International iwwert d'weltwäit Situatioun vun de Mënscherechter aus deem ervir geet, dass am Oman d'Recht op fräi Meenungsäusserung duerch d'Zoumaache vun Zeitungen an d'Festhuele vu Journalisten ënnergruewe gëtt;
- op Basis vum leschte Rapport vun Amnesty International iwwert d'weltwäit Situatioun vun de Mënscherechter aus deem ervir geet, dass an Ägypten d'Recht op fräi Meenungsäusserung duerch d'Inhaftéierte vu Journalisten ënnergruewe gëtt;
- op Basis vum leschte Rapport vun Amnesty International iwwert d'weltwäit Situatioun vun de Mënscherechter aus deem ervir geet, dass am Bahrain d'Recht op eng Staatsbiergerschaft, e faire Prozess an d'Recht op Fräiheet vu Folter a Mësshandlung mëssuecht ginn;
- op Basis vum leschte Rapport vun Amnesty International iwwert d'weltwäit Situatioun vun de Mënscherechter aus deem ervir geet, dass am Irak d'Rechter op Meenungs-, Vereenegungs- a Versammlungsfräiheet an op e faire Geriichtsprozess staark ageschränkt sinn;
- op Basis vum leschte Rapport vun Amnesty International iwwert d'weltwäit Situatioun vun de Mënscherechter aus deem ervir geet, dass am Kuwait d'Recht op eng Staatsbiergerschaft mëssuecht gëtt;
- op Basis vum leschte Rapport vun Amnesty International iwwert d'weltwäit Situatioun vun de Mënscherechter aus deem ervir geet, dass an Israel d'Recht op Beweegungsfräiheet a Wunnen ënnergruewe gëtt;
- op Basis vum leschte Rapport vun Amnesty International iwwert d'weltwäit Situatioun vun de Mënscherechter, aus deem ervir geet, dass an Afghanistan d'Gewalt géint Fraen a Meedercher zouhëlt ;

PIRATEN

- op Basis vum leschte Rapport vun Amnesty International iwwert d'weltwäit Situatioun vun de Mënscherechter aus deem ervir geet, dass am Iran d'Rechter op Meenungs-, Vereenegungs- a Versammlungsfräiheet staark ageschränkt sinn;

- op Basis vum leschte Rapport vun Amnesty International iwwert d'weltwäit Situatioun vun de Mënscherechter aus deem ervir geet, dass am Libanon géint d'Rechter vun Aarbechtsmigrante verstouss gëtt;

- mat Verweis op d'UN-Antifolterkonventioun ;

- d'Repressiounen a Persecutioune vu Mënscherechtsverdeedeger am noen a mëttleren Osten an d'Konditiounen, deene si a Gefaangenschaft ausgesat sinn, verurteelend ;

- Denaturalisatioun als mënscherechtsverletzend Praktik an d'Doudesstrof als héchsten a grausaamste Strof, déi eng Verletzung vum Recht op Liewen duerstellt, ofleenend ;

**invitéiert d'Regierung :**

- Verstäerkt op internationalem Niveau hier Besuergnis auszedrécke géigeniwwer de Mënscherechtsverstéiss am noen a mëttleren Osten.

- Sech dofir anzesetzen, dass d'Zeechnungspartner vum Roumstatut am noen a mëttleren Osten, bei deenen eng Ratifikatioun vum Status nach aussteet, dës Ratifikatioun esou séier wéi méiglech an d'Weeër leeden.

- Sech schrëftlech un d'Ambassadeure vu Länner aus dem noen a mëttleren Osten, an deene Mënscherechter mëssuecht ginn, ze adresséieren, fir duerzestellen, dass Lëtzebuerg déi aktuell Mënscherechtsverletzungen an de concernéierte Länner ofleent.

- Der Kommissioun fir Aussenugeleeënheeten an Europa ab dem Joer 2021 e järleche Bericht ze presentéieren aus deem ervir geet, wéi an a wéi enge Fäll d'Regierung sech konkret fir eng Verbesserung vun de Mënscherechter am noen a mëttleren Osten agesat huet a wéi eng Konsequenzen dëst Engagement hat.

Sven CLEMENT

Marc Goergen